

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir
Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„Den däitsche Raiffeiserverband huet seng Prognos fir d’Recolte vu
Kären erofgesat, an zwar ëm 1,2 Milliounen op 42 Milliounen
Tonnen. Och beim Raps géif d’Recolte manner staark ausfalen.
Effektiv, zanter Mëtt Mee huet et quasi néierens méi gereent; dat
féiert zu Dréchestress an dréckt d’Ertrag erof. An der EU leide
momentan quasi all Länner ënner der Dréchent, besonnesch awer
Polen, déi baltesch Länner a Skandinavien.*

*An deem Kontext wollte mer den Här Landwirtschaftsminister
folgendes froen:*

- Wéi schätzt den Här Minister d’Lag hei zu Lëtzebuerg de
Moment an? Wat fir eng Kulture si manner resistant a
besonnesch vun der Dréchent betraff?*
- Bei wat fir enge Kulture riskéiert et zu irreparable Schied ze
kommen?“*

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten

Gusty Graas
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu